# Lies & Spill Moien

## 25 Januar 2026

## 9h00 - 12h00

zu Angelsbierg an der Maison Relais

Unmeldung

Inscription

apef

Elterevereenegung **Fëschbech**

zesummen mat der

**Ludotheik vun der Maison Relais Bei de Kueben**





ënnerstetzt vun

Mierscher Lieshaus

croix-rouge luxembourgeoise

Mënschen hëllefen

Librairie Zimmer




## Krixkrax

***Auteur: Marc Weydert Biller Patty Thielen***

D'Awunner vum Duerf maachen sech Suergen:
Hire Kinnek Mett ass zënter Kuerzem mat engem schrecklechen Ausschlag geplot. Am Gesiicht huet hie schonn iwwerall faarweg Tëppelen an d'Kränkt schéngt sech weider op säi ganze Kierper, säin Diwwi, seng Decken an doriwwer eraus auszebreeden.
Et huet keen eng Léisung parat, weeder d'Dokteren nach soss Experten. Vläicht kann d'Hex Krixkrax hëllefen?
Mä … wéi kënnt een nëmme bei si erop, an hiren Tuerm, hir däischter Stopp?

## E gutt Wuert fir de Kueb

***Auteur: CHRIS WELSCHER Biller: Joel Meiers***

Den Edi ass en traurege Kueb. Hien fillt sech oft iwwersinn an anescht. Op senger Rees sicht hien no engem gudde Wuert – no Akzeptanz, Frëndschaft a Mutt, sech selwer gutt ze fannen. Mat vill Gefill a schéinen Illustratiounen erzielt dëst Buch eng Geschicht iwwert d'Selbstvertrauen, d'Diversitéit an den Zesummenhalt. Ideal fir Kanner ab 5 Joer – doheem oder an der Schoul. Dës Liesung ass méi wéi just eng Geschicht! D' Chris Welscher hëlt d'Kanner mat an d'Welt vun de Wierder – an dono geet et kreativ weider: zesumme mam Joël Meiers däerfen d'Kanner hir eege Biller molen a Fantasie fräilafen loossen.




Unmeldung

Fir d'Eltere gëtt et Kaffi a Kuch.
D'Kanner mussen zu all Moment vun engem Erwuessene begleet ginn.
Du café et des gâteaux seront proposés aux parents.
Les enfants doivent être accompagnés en permanence par un adulte.

691 329 385
(Pol Daems)
info@apef.mobi